N°1778
Entrée le 25.02.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1778 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

**Ad 1)**

Tëschent 2019 an 2024 hu follgend Prestatiounen déi gréissten Evolutioun kannt:. De „Forfait journalier pour l'accueil socio-éducatif de jour et de nuit d'après la formule d'accueil dans un petit groupe" huet déi stäerksten Entwécklung kannt, woubäi ee präziséiere muss, datt et dës Prestatioun eréischt zanter 2021 gëtt.

| | Forfait | Dénomination |
|---|---|---|
| 1 | PETIT GROUPE | Forfait journalier pour l'accueil socio-éducatif de jour et de nuit d'après la formule d'accueil dans un petit groupe |
| 2 | 11 | Intervention précoce orthopédagogique |
| 3 | 8.1 | Forfait horaire pour l'assistance psychique, sociale ou éducative en famille |
| 4 | 9.1 | Consultation psychologique ou psychothérapeutique |
| 5 | 8.2 | Forfait horaire pour l'assistance psychique, sociale ou éducative en famille (presté dans un contexte SLEMO) |

2019 waren déi meescht gefrote Prestatioune follgend, mat un der Spëtzt dem „Forfait horaire pour l'assistance psychique, sociale ou éducative en famille":

| | 2019 | |
|---|---|---|
| | Forfait | Dénomination |
| 1 | 8.1 | Forfait horaire pour l'assistance psychique, sociale ou éducative en famille |
| 2 | 8.2 | Forfait horaire pour l'assistance psychique, sociale ou éducative en famille (presté dans un contexte SLEMO) |
| 3 | 9.1 | Consultation psychologique ou psychothérapeutique |
| 4 | 8.3 | Forfait pour l'assistance psychique, sociale ou éducative en famille (presté dans un contexte accueil en famille) |
| 5 | BASE-ORTHO | Forfait journalier pour l'accueil socio-éducatif de jour et de nuit d'après la formule d'accueil de base & d'accueil orthopédagogique |

2024 waren déi meescht gefrote Prestatioune follgend:

| | 2024 | |
|---|---|---|
| | ***Forfait*** | ***Dénomination*** |
| 1 | 8.1 | Forfait horaire pour l’assistance psychique, sociale ou éducative en famille |
| 2 | 8.2 | Forfait horaire pour l’assistance psychique, sociale ou éducative en famille (presté dans un contexte SLEMO) |
| 3 | 9.1 | Consultation psychologique ou psychothérapeutique |
| 4 | 8.3 | Forfait pour l’assistance psychique, sociale ou éducative en famille (presté dans un contexte accueil en famille) |
| 5 | 11a1 | Intervention précoce orthopédagogique |

**Ad 2)**

De Service Agréments vun der Direction générale de l’aide à l’enfance et à la famille (DG AEF) mécht reegelméisseg Visitte bei de Prestatairen aus dem AEF-Beräich, fir ze iwwerpréiwen, ob d’Konditioune vum Agrement agehale ginn. Dobäi kënnt et reegelméisseg vir, datt Prestatairen op vereenzelte Punkte vum Agrement net konform sinn. Et handelt sech hei gréisstendeels ëm Konditiounen, déi d’Infrastrukture betreffen. De Prestataire kritt jee no net agehale Konditioun sechs Méint bis ee Joer Zäit, fir sech ze conforméieren.

**Ad 3)**

D’DG AEF mécht am Kader vum Recensement all Joer ee sougenannten „Test de plausibilité“, fir ze kontrolléieren, ob d’Gestionnairen am Kader vun der Prestatioun vun de verschiddene Forfaite personell, quantitativ a qualitativ den Normen entspriechend opgestallt sinn. Hei gëtt och ënner anerem de Personalschlëssel an de Formatiounsniveau iwwerpréift.

Doriwwer eraus muss ee betounen, datt et d’Aufgab vum ONE ass, d’Hëllef iwwert de Prestataire en place ze setzen. Am Projet d’intervention ginn Ziler an Objektiver festgehalen, un deenen de Prestataire seng Aarbecht soll ausriichten. D’Evaluatioun an d’Iwwerpréiwen, ob d’Ziler erreecht goufen, gëtt assuréiert iwwert e Rapport, deen de Prestataire am Ofstand vu 6 Méint dem ONE muss erareechen. Den ONE ass doriwwer eraus am permanente Kontakt mat de Prestatairen, dëst z. B. bei de Schlësselmomenter vun der Hëllefsplanung. Och steet beim ONE ee Coordinateur am enke Kontakt an am Austausch mat all stationärer Ariichtung.

**Ad 4)**

De Prestataire muss sech un den nationale „Rahmenplan der Kinder- und Familienhilfe“ halen. An dësem Plang ginn „Handlungsfelder“ definéiert, déi qualitéitssécherend sinn an déi an de jeeweilege Konzepter vun de Prestatairë musse berücksichtegt ginn. Dës Konzepter gi validéiert, éier de Prestataire mat senger Aarbecht ufänke kann. De Prestataire muss doriwwer eraus all sechs Méint dem ONE e Rapport eraschécken, fir datt evaluéiert ka ginn, ob d’Objektiver vun der Prise en charge erreecht gi sinn.

Follgend „Handlungsfelder“ kommen ënnert aneren am „Rahmenplan“ vir: *Partizipation, Selbstbestimmung, Förderung von Resilienz, Förderung von sozio-emotionalen Kompetenzen, Beziehung und Beziehungskontinuität, Förderung der Elternkompetenzen, Arbeit mit der Herkunftsfamilie, Krisenmanagement und Deeskalation, Gestaltung der Schlüsselmomente,* asw.

**Ad 5)**

Et gi keng generaliséiert Zefriddensheetsenquêtë beim ONE. Den *AEF Social Lab* huet awer punktuell Zefriddenheetsenquêten zu spezifeschen Theme bei de sozialen Acteuren duerchgefouert. Den *AEF Social Lab* ass eng Plattform fir Austausch, Innovatioun a Ko-Konstruktioun, déi de Consultatiounsprozess organiséiert, koordinéiert an duerchféiert, a gouf vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend initiéiert. Dës Enquêtë kënnen um follgende Site consultéiert ginn: https://aef.lu/.

Den ONE ass duerch seng Missioun am permanente Kontakt mat de Kanner, de Jonken a mat den Elteren. Si gi bei all Etapp vun der Hëllefsplanung mat agebonn. Dank dëser partizipativer Haltung gëtt eng Atmosphär geschafen, déi et erlaabt, hir Evaluatioun vun der Situatioun zum Ausdrock ze bréngen.

Lëtzebuerg, de 25. Februar 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH